PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 06/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

An engem Artikel vum WORT vum 28te Januar souwéi an engem Tageblatt Artikel vum 20te Januar geet doriwwer Rieds, dass zu Gréiwemaacher een Hommage zu Éieren vum fréieren Maacher Buergermeeschter an aktuellem Inneminister stattfonnt huet, inklusive Cortège mat musikalescher Begleedung vun der Gréiwemaacher Musik an enger Party op der Marie-Astrid.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wien huet d'Käschten vun dësem Hommage bezuelt?
2. Weess den Inneminister, wéi vill déi ganz Feier, inklusiv d'Reservatioun vun der Marie-Astrid, kascht huet?
3. Wéi vill Leit vum Gemengen-Personal a Fräiwëlleger ware fir d'Organisatioun an d'Duerchféiere vun de Feierlechkeeten ageplangt?
4. Ass et üblech, dass eng Gemeng esou grouss Feiere mécht, wann ee vun hire Bierger:innen ee Mandat kritt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten